Zur Begrüßung bekamen die Anwesenden einen interessanten Einblick über das Tun patentierter Frauen, Erfinderinnen und Nobelpreisträgerinnen, wie z.B. von Melitta Benz: Erfinderin der Kaffeefiltertüte, Margarete Steiff: Knopf im Ohr Teddybären-Imperium bis zu Marie Curie: Nobelpreisträgerin 1903 für Physik und 1911 für Chemie.

Beim Rundtischgespräch konnten die Frauen aus technischen und naturwissenschaftlichen Berufen über die Erfahrungen, Schwierigkeiten und Erfolge ihrer doch eher „Männerberufe“ erzählen. An dem Gespräch nahmen Teil: die Vermessungsingenieurin Janine Bisdorff, die Architektin Tatiana Fabeck, die Gipsermeisterin, Dolmetscherin und Mitglied der „Femmes Ambassadrices“ der FFCEL Domenica Orofino-Fortunato, die Bauingenieurin Paula Hild und die Telekommunikationsingenieurin Anouck Schlessler. Die Moderation übernahm die Journalistin und Agraringenieurin Danièle Weber.

Während die Cellistin Lisa Berg für musikalische Unterhaltung sorgte, konnten sich die Gäste bei einem Glas Wein weiter unterhalten.

Ausblick in unser Herbstprogramm:

- Elterntag in Zusammenarbeit mit der Eltereschoul
Wie Ihre Kinder glücklich durch die Schule gehen,
Lernen fürs Leben
Dienstag, den 27. September 2011, 19.30 – 21.30 Uhr
Atert Lycée Redange
- 3. Messe der Frauenbetriebe „Stark Fraen – Stark Region“, unter der Schirmherrschaft des Genderhauses
Sonntag, den 9. Oktober 2011 Atert Lycée Redange
- Vortrag „Frauen und Geld“ Wissen, Verantwortung und Wege
Mittwoch, den 12. Oktober 2011, 19.30 Uhr Zärenhaus Redange
- In Zusammenarbeit mit der Chancengleichheitskommission Useldange Konferenz/Workshop: November-Blues: Was tun bei depressiven Verstimmungen?
Mittwoch 9. November 2011, 19.30 Uhr Festsaal Schandel

Weitere Programmübersicht auf: www.genderhaus.lu

Nationalfeierdag 2011



[Foto: Tom Lehmert]

Usprouch vum Buergermeeschter Pollo Bodem

Dir Dammen an Dir Hären, léif Membere vun de Veräiner, léif Matbiergerinnen a Matbierger!

Fir all Natioun ass et wichtig, sech regelméissig op d'Quelle vun hirem Erfolleg an hirem Wuelergoen ze besënnen. Wien nit méi weess, wou hien hierkënn, riskéiert d'Gefill vun der richtiger Orientéierung fir d'Zukunft ze verléieren.

Och an eiser schnellieweger Zäit huet d'Erënnung un déi Wuerzelen näischt u Gültigkeit verluer. Sou ass onverännert eisen Nationalfeierdag eng passend Geleeënheet, fir iwwer eis national Existenz a Schicksal nozedenken.

Wien sech mat der Lëtzebuerger Geschicht ausenansetzt, kënnst un e puer Iwwerleeungen nit derlaanscht, déi de stännigen Opstig an d'Festigung zu engem fräien, international unerkannten a räiche Staat erméiglicht oder zumindest begünstigt hunn

Dozou gehéiert selbstverständlech déi historisch staark an och nach haut aktuell wichtig Roll vun eiser Monarchie, déi virun allem fir eis eeler Generatioun an de Stonne vun der kollektiver Nout als staarkt Symbol fir Eenheet an Onofhängegkeet gegollt huet.

Dozou zielen awer och besonnesch d'Affer vu ville Lëtzebuerger, déi viru méi wéi 66 Joer dem Naziokkupant mat vill Courage a Geschlossenheet d'Stir gebueden hunn. Hinnen hu mir ze verdanken, dass mer de Groussherzogsgebuertsdag iwwerhaapt a Friden an a Fräiheet feiere kënnen.

Zur Verbonnenheet mat dese Wuerzele gehéiert och d'Wëssen ëm de richtige Stellewäert vun Europa fir eist Land.

Nit alles wat Europa mécht ass gutt, mee ouni Europa wier de politischen an wirtschaftlichen Integratiounsprozess vun deem Land nit esou iwwert d'Bühn gaang.

Grad wirtschaftlich gesinn huet Lëtzebuerg an de vergaangene Joerzente méi wéi vill aner Länner direkten Notzen aus dem europäishe Bannemaart gezunn.

Aner Länner hunn do aner Suergen.

Nit méi spéit wéi gëschter Owend huet déi nei griichesch Regierung de Vertrauensvotum iwwerstan a muss elo déi rigoros Spuermesuren, imposéiert vun der EU, an Ugrëff huelen.

Länner wéi Irland, Portugal, Italien a Spuenien kämpfen mat ähnliche Probleme vun der Iwwerverscheldung a kee ka viraussoen, wéi déi ganz Eurokrisis definitiv ausheet. Schold un deem ganzen Debakel ass, sou wéi et ausgesäit, nit dat schaffend Vollek, mee aner Figuren, déi de Staat ganz einfach hannergaangen an bedupst hunn.

Duerfir schéngt et mer grad elo, an den Zäite vu Globalisierung, Global Governance, Weltethos a villen aneren Idealismen an Doktrine speziell op engem Dag wéi haut, kruzial wichtig a richtig ze sinn, eis nei op eis Heemecht ze besënnen.

D'Heemecht, dat ass déi Landschaft an déi Regioun, mat där de Mensch sich duerch d'Gebuert, Traditioun a Liewensweis besonnesch verbonne fillt, an där seng Perséinlechkeet maassgeblich geprägt ginn ass an seng éischt sozial Bezéiungen zustane komm sinn.



[Foto: Tom Lehmert]



[Foto: Tom Lehmert]



[Foto: Tom Lehmert]

Et brauch een also keen onverbesserlichen Optimist ze sinn, fir richteaus festzustellen, dass mir Lëtzebuurger am grouse ganze all Ursach hunn, äis iwwert eis Fräiheet ze freeën, glécklich iwwert eise Fridden ze sinn, an houfrig op eise Wuelstand, deen, dat därfe mir trotzdeem nit iwwersinn, ufänkt ze bréckelen.

Duerfir ass et wichtig op alle Gebidder ze hëllefen an ze kämpfen, dass mir eisen Niveau halen an eise Kanner a jonke Leit eng Heemecht verierwen, an där et derwärt ass ze liewen.

Et kann nit dacks genuch gesot ginn, dass déi grouss demokratisch Wäerter kengem Land vum selwen an de Schouss falen, am selwechte Gedanke läit och d'Iwwerleeung, dass een des Wäerter nit kann op éiweg behalen, ouni sich selwer derfir anzesetzen, an zwar nit nëmmen heiheem, mee iwwerall do, wou se vun egal wat fir engen totalitäre Systemen niddergewalzt ginn.

Duerfir verfolge mer mat grousem Respekt, awer och mat enger gewässer Angscht, de Kampf vun der Populatioun géint déi diktatorisch Regimer an der arabischer Welt.

Mir alleguer wëssen, dass dee Match nit gewonnen ass a mir wësse virun allem, dass wann d'Nato implizéiert ass, mir nit wäit dervu sinn.

Mir wëssen och, dass duerch des Evolutioun an déi vill Katastrophe ronderëm d'Welt, wéi Äerdbiewen, Tsunamien an aner Ëmweltdisasteren, d'Energie, d'Liewensmëttel- an Uelegpräisser klammen an d'Problemer doduerch och heiheem éischter méi grouss ginn.

An esou enger Situatioun ass eng al Qualitéit nei gefrot, déi mer hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer ze praktizéiere woussten, wann et drop ukomm ass, nämlech déi vun der Solidaritéit.

Dat hn mer an de Krisejoren 1974-80 nei duerchexerzéiert an dat wäerte mer och nach emol des Kéier packen.

Mir sollten doriwwer eraus déi eropkommend Gefore fir nei kritesch Situatiounen nit aus den Ae verléieren an mir sollten och keen Ament d'Suergen an d'Schaffe fir déi Matbierger vergiesse loosse, déi duerch iergendeng Ursach nit gutt dru sinn an e Recht op eis Hëllef hunn. An der Press héieren a liese mir all Dag vu Vergläicher mat dem Ausland a mir mussen der Eierlechkeet halber soen, dass eist Land nit schlecht ofschneit, och wann doriwwer déi Problemer nit därfe vergiess ginn, déi et bei eis nach ze léise géllt.

Nieft deene bekannten Theme wéi d'Sanéierung vun den effentliche Finanzen, dem Finanzéieren op d'laang Siicht vun de Pensiounen an der Gesondheetskeess, dem bezuelbare Wunningsraum, dem Kampf géint d'Aarbechts-



[Foto: Tom Lehmer]



[Foto: Tom Lehmer]

Dat trëfft och op all déi Benevole aus de Veräiner zou, ouni deenen hir Präsenz an hiren Devouement den Nationalfeierdag an eiser Gemeng stompig an farblos wier.

Merci duerfir de Pompjeeën, Musiken a Gesank, dem Här Paschtouer, dem Organist an den Dirigenten, eiser Kulturkommissioun fir d'Organisatioun vum Owend, alle Verrieder aus den Veräiner an lech alleguerten, déi Der hei sidd.

Léif Matbiergerinnen a Matbierger, D'Geschicht léiert eis, dass d'Lëtzebuurger et bis dato färdeg bruecht hunn, dann zesummenzeréckelen, wann et néidig war.

Loosse mer och weiderhin déi Eenheet dokumentéieren an eis op dat besënnen, wat eng Natioun an ee Land sou staark mécht: d'Fräiheet, d'Onofhängegkeet, de soziale Fridden an d'Gerechtigkeit.

Eise Grand-Duc an déi groussherzoglich Famill verdingen eise Respekt an eis Unerkennung.

Si sinn de Garant, haut wéi gësch, dass d'Lëtzebuurger eng Heemecht hunn a behalen, an där een Nationalfeierdag seng déifste Bedeitung an déi gréisste Grondwäerter huet, fir déi et sich ëmmer lount ze schaffen an ze liewen.

Chers citoyens, Notre fête nationale n'est ni l'occasion de nous souvenir de victoires remportées, ni de nous réjouir dans un nationalisme étroit ou effréné; nous voulons tout simplement, mais honnêtement exprimer notre satisfaction de prendre part dans l'indépendance, à la sauvegarde des grandes valeurs sur lesquelles reposent les principes des pays réellement démocratiques: la paix, la liberté et le respect.

Vive de Grand-Duc an seng Familjen,
Vive eis Heemecht,
Vive Lëtzebuerg. ■

losigkeit, de Problemer vun eise Jugendlichen an der Ëmweltproblematik geet et virun allem drëm, déi sozial Kohäsioun ze erhalen, och an enger Gemeng wéi eiser, déi ëmmerhin 33 verschidden Nationalitéiten zielt a mat 5% Refugiéen ee relativ héijen Taux opweist.

Den Undeel vun den auslännesche Matbierger läit an eiser Gemeng bei 25%, landeswäit bei 40%, an doduercher och kritt den lëtzebuergischen Nationalfeierdag eng ganz aner, méi villfältig Dimensioun.

Et ass nit méi d'Fest vun de Lëtzebuurger eleng, mee de Festdag vun engem multikulturelle Vollek, dat Lëtzebuerg zu deem gemeet huet, wat et haut ass: eent Land, dat trotz unhalender Wirtschaftskris op relativ zolitte Féiss steet a wou et sich lount ze liewen an ze schaffen.

Dir Dammen an Dir Hären, Wat um nationale Plang geschitt, spigelt sich desöfteren och an de Gemengen erëm. Mat eisen 1630 Awunner ziele mir nit zu deene grouse Gemengen am Ländchen, an dach bréinge mir et färdeg d'Liewensqualität nach weider ze verbesseren an eis Dierfer ze verschéieren.

Mir versichen trotz héijen Investitiounen an d'Schoul, d'Maison Relais, de Kanal-a Stroossebau an den Ënnerhalt vun de besteende Gebaier mat den neien Technologie vun erneierbaren Energien Schrëtt ze halen a kontinuierlech auszebauen.

Mir setzen eis a fir d'Ëmwelt an den Naturschutz am Aklang mat eiser Landwirtschaft, fir proppert Waasser a Spillplaze fir eis Kanner, fir eng Opwärtung vum Tourismus a fir ee méi noe biergerfrëndliche Service an der Gemeng.

De Schaffen-a Gemengerot mécht eng gutt Aarbecht an et soll op dësem Dag och mol emol erlaabt sinn, hinnen all Merci ze soe fir eng engagéiert Aarbecht am Dingscht vun eise Bierger.



[Foto: Charles Reiser]

Useldingen: Jang Hollerich feierte 90. Geburtstag

Text: Charles Reiser

Bei guter Gesundheit war es Jang Hollerich aus Useldingen vor kurzem gegönnt sein 90. Geburtstag zu feiern. Jang Hollerich erblickte das Licht der Welt am 19. Mai 1921 als fünfter Sohn von sieben Kindern der in Useldingen ansässigen Elternpaars Théo Hollerich und Anna Bricher. Am 21. April 1950 führte Jang Hollerich seine zukünftige Ehefrau Agnes Ney aus Schwebach zum Traualtar. Aus ihrer Ehe gingen zwei Söhne und eine Tochter hervor. Heute gehören sieben Enkelkinder zum Stolz der Familie Hollerich. Auf ein ganz bewegtes Leben kann Jang Hollerich zurückblicken. Am 6. Oktober 1942 wurde Jang Hollerich in den Arbeitsdienst und hat in Russland während des zweiten Weltkrieges in Russland an der Front gekämpft und wurde dabei am Kopf und am Rücken verletzt. Schließlich konnte Jang Hollerich dann am letzten Februar 1945 in seine Heimat wiederkehren. Bis zum Jahre 1950 war er im elterlichen Bauernbetrieb in Useldingen

beschäftigt um dann von 1950 bis 2001 als Ausrufer bei vielen Versteigerungen dabei zu sein. Am 9. Oktober 1955 wurde Jang Hollerich als Nachfolger seines Vaters in den Gemeinderat gewählt und übernahm am 1. Januar 1965 das Amt des Bürgermeisters bis zum Jahre 1969. Dabei war der Jubilar langjähriger Vizepräsident der Harmonie Useldingen und ist bis heute noch Präsident der lokalen SEktion der Zwangsrekrutieren. Seit dem 14. Dezember 1998 ist Jang Hollerich verwitwet und lebt allein in seinem Wohnhaus in Useldingen. Bürgermeister Pollo Bodem in Gegenwart von seinen beiden Schöffen Marielle Goedert und Marc Hansen machten sich eine Ehre daraus dem Jubilar mit Blumen zu gratulieren und ihm weitere zufriedene Jahre zu wünschen. Gratulationen denen sich Léon Raths seitens der Sektion der Zwangsrekrutierten und Jules Schoujean im Namen des „Senioreforum Useldingen“ auch gerne anschlossen. ■

Vun New York op Uselding... De Gaunze Wee vum Tit Schroeder (2)

Text: Roger Feiereisen

Geboren im Jahr 1911 in New York, kam Theo Schroeder nach dem Tode seiner Mutter (geb. Gabrielle Dagorette, aus Castellateguy in den französischen Pyrenäen stammend) als kleiner Junge mit seinem Vater, Henri Schroeder (selbst ein Useldinger Amerikauswanderer) nach Useldingen. Hier liessen beide sich nieder, ging Theo zur Schule und hier verbrachte er seine Jugendzeit.

Wir begehen somit dieses Jahr das hundertjährige Wiegenfest von Théo, genannt Tit, Schroeder. Aus diesem Anlass bereiten wir, unter der Leitung des Syndicat d'Initiative und unterstützt von der Gemeindeverwaltung, eine Gedenkfeier vor, verbunden mit einer Ausstellung und einer Neuausgabe des Buches „De gaunze Wee“.

Die **Gedenkfeier** wird am **Samstag, den 1. Oktober** in Useldingen im Centre Culturel stattfinden. Hauptbestandteil dieser Feier werden die Aufführung von Gedichten, Gesängen und Sketche von und um Tit Schroeder sein, welche von verschiedenen Künstlern vorgetragen werden. Bei den Gesängen handelt es sich um eigens für diese Feier vertonte Gedichte. Unterstützt wird dieser Programmteil von der „Actioun Lëtzebuergesch“.

Neben den oben genannten Aufführungen, wird eine Büste von Tit Schroeder, angefertigt von Georges Calteux, vorgestellt. Dieses Werk wird die „Tit Schroeder Station“ unseres didaktischen Rundwegs vervollständigen. Gleichzeitig wird der Standplatz dieser Station, der sogenannte „Mëlleschgruef“, offiziell auf den Namen „Place Tit Schroeder“ benannt.

Parallel zu den Feierlichkeiten findet eine **Ausstellung** statt, die das Leben und Werk Tit Schroeder's hervorheben wird, aber auch Aufschluss geben wird über das Leben zur Zeit der Jahrhundertwende (vom 19ten auf das 20te Jahrhundert), sowie Informationen geben wird über die mehr als hundert Amerika – Auswanderer aus Useldingen. Die Ausstellung wird übers Wochenende im Centre Culturel zu sehen sein.

Auch weisen wir auf eine Neuausgabe der gesammelten Werke Tit Schroeder's hin. Es ist dies das **Buch**

„**De gaunze Wee**“ das mit ausgedehnten historischen Informationen ergänzt wurde, um so das Leben und Wirken Tit Schroeder's, aber auch den geschichtlichen Hintergrund der Auswanderungen zu beleuchten. Es stellt zweifelslos einen wichtigen Bestandteil der lokalen Geschichte unserer Gemeinde dar.

Das neue Buch „De gaunze Wee“ kann bereits jetzt beim Syndicat d'Initiative in Vorbestellung gegeben werden. Bitte melden sie sich diesbezüglich bei Romain Kleer oder Roger Feiereisen.

Genau Einzelheiten der betreffenden Feierlichkeiten werden wir nachreichen. ■

Visions of the Past Party

Musék aus de 60's a 70's

Centre Culturel Everlange
05.11.2011
21.00 Auer

Doors

Janis

Janis

DJ: Ben & Claude vun

Virverkaaf: 5€
Oweskeess: 8€
Org. Aktiv Mammen Useldéng

RADIO 4.17

Elfte Christophorusfeier in Schandel

Text: Charles Reiser



[Foto: Charles Reiser]

Der Namenstag des hl. Christophorus ist im Kalender auf den 24. Juli vermerkt und wird auch am letzten Sonntag des Monats in vielen Ortschaften des Landes gefeiert. Diese Verehrung fand am vergangenen Sonntag bereits zum elften Mal in Folge am Kirchweihfest in der idyllischen Ortschaft Schandel statt. Dem von Pfarrer Mathieu Janssen zelebrierten Gottesdienst in der Pfarrkirche von Schandel zu Ehren des heiligen Christophorus, hatten sich zahlreiche Einwohner aus der Gemeinde Useldingen und Umgebung beigewohnt. Die gesungliche Mitgestaltung der Festmesse hatten die Chöre aus Schandel und Everlingen unter der Leitung von Fernand Even mit Carlo Philippe an der Orgel übernommen. In seiner Predigt erinnerte Pfarrer Mathieu Janssen an den heiligen Christophorus, einen der 14 Nothelfer und Schutzpatron der Reisenden, der um das Jahr 250 als Märtyrer durch Enthauptung verstarb. Sein Beistand und seine Hilfe werden heute besonders im Straßenverkehr angefleht. Im Anschluss an den Gottesdienst folgte die Segnung von zahlreichen Fahrzeugen mit ihren Insassen, darunter eine Reihe von Traktoren und Einsatzfahrzeugen. Jedem Teilnehmer wurde dabei ein kleines Andenken mit der Aufschrift „Christophorus, Treuer- behüt uns am Steuer“ überreicht. ■

Galaconcert vun der Harmonie Uselding



[Foto: Claude Schomer]



[Foto: Claude Schomer]


ETEKI a.s.b.l. pour la construction du bien-être

Text: Carine Kiefer & Serge Linckels

Une nouvelle a.s.b.l. a été créée à Schandel. Elle s'est fixée comme objectif de guider ses membres vers une amélioration de l'estime en soi. Souvent, nous nous trouvons inconsciemment dans un déséquilibre physique, mental ou émotionnel. C'est pour cela qu'ETEKI propose des séminaires – sur une durée de 9 mois – travaillant sur le corps, le mental et l'émotionnel par le mouvement.

Le Taekwondo a comme valeurs l'intégrité, le respect, le courage et la fermeté inébranlable, etc. Par une pratique régulière, le Taekwondo nous aide à accroître l'estime et la confiance en soi, d'entraîner la force physique et mentale, de réunir le corps et l'esprit selon sa personnalité et ses possibilités.

Ces capacités personnelles seront détectées à travers des entretiens individuels, des questionnaires concernant la



biographie, des exercices de groupe et un coaching adapté à l'objectif du participant.

Le mouvement influence le mental et l'émotionnel, et viceversa. En conséquence, ETEKI a.s.b.l. combine ces différents domaines lors des rencontres proposées. La suite de séminaires s'adresse à toute personne qui a envie d'augmenter son estime de soi, de se confronter à ses propres conflits, de lutter contre ses angoisses et de donner une chance à son bonheur. Aucun pré-requis est nécessaire.

Le premier séminaire aura lieu le 15 octobre 2011 au lycée à Redange (Atert Lycée). Consultez le site Internet de l'association pour plus d'informations et les modalités d'inscription: www.joiedevivre.lu/eteki ou contactez une des responsables, Carine Kiefer au téléphone: 621 360 663. ■

Grënnung Buergfrënn Uselding

Page 1/2

Registre de Commerce
et des Sociétés
Luxembourg

R C S

EXTRAIT

Buergfrënn Uselding a.s.b.l.

Numéro d'immatriculation : F 8819
Date d'immatriculation/d'inscription : 08/08/2011

Dénomination(s) :
Buergfrënn Uselding a.s.b.l.
Forme juridique : Association sans but lucratif

Siège :
2, rue de l'Eglise
L - 8706 Useldange

Objet : L'association a pour but principal la promotion et l'animation du site fédéral "Château d'Useldange" à Useldange avec ses dépendances et alentours sis à Useldange, ceci en concordance avec les intérêts des instances publiques et communales. Elle s'occupera de la publicité destinée à attirer les visiteurs et en général, de prendre toutes les initiatives propres à mettre en valeur et à animer le site féodal.

Date de constitution : 09/06/2011

Durée :
Illimitée

Membre(s) de l'organe de gestion :
Pouvoir général : Sauf délégation spéciale à accorder à une personne expressément désignée par le conseil d'administration, tous les actes engageant l'association sont signés par le président, ou si celui-ci est empêché, par un des deux vice-présidents, le secrétaire ou le trésorier.

Organe : Conseil d'Administration

Nom : BODEM Prénom(s) : Léon dit "Pollo"
Fonction : Président
Adresse privée ou professionnelle de la personne physique :
11, op Weidfeld, L - 8707 Useldange

Nom : FEIEREISEN Prénom(s) : Roger
Fonction : Vice-président
Adresse privée ou professionnelle de la personne physique :
3, op Weidfeld, L - 8707 Useldange

Nom : BACH Prénom(s) : Claude
Fonction : Secrétaire
Adresse privée ou professionnelle de la personne physique :
7A, Am Eck, L - 8715 Everlange

Nom : KLEER Prénom(s) : Romain
Fonction : Trésorier
Adresse privée ou professionnelle de la personne physique :
5, rue de Schandel, L - 8707 Useldange

Page 2/2

Nom : HANSEN Prénom(s) : Marc
Fonction : Administrateur
Adresse privée ou professionnelle de la personne physique :
17, Pallerwee, L - 8706 Useldange

Nom : MAJERUS Prénom(s) : Georges
Fonction : Administrateur
Adresse privée ou professionnelle de la personne physique :
43, rue de Mondorf, L - 5730 Aspelt

Nom : CALTEUX Prénom(s) : Georges
Fonction : Administrateur
Adresse privée ou professionnelle de la personne physique :
7, rue des Vergers, L - 6488 Echternach

Nom : SANAVIA Prénom(s) : Patrick
Fonction : Administrateur
Adresse privée ou professionnelle de la personne physique :
118, rue Dicks-Lentz, L - 4540 Differdange


Nom : LIST Prénom(s) : Jean-Jacques
Fonction : Administrateur
Adresse privée ou professionnelle de la personne physique :
161, rue des Muguets, L - 2167 Luxembourg

(*) Extrait de l'inscription : Pour le détail prière de se reporter au dossier.

Pour extrait conforme (*)

Luxembourg, le 09/08/2011

Pour le gestionnaire du registre de commerce et des sociétés



Romain HOFFMANN

* En application de l'article 21 paragraphe 2 de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises et l'article 21 du règlement grand-ducal modifié du 23 janvier 2003 portant exécution de la loi du 19 décembre 2002, le présent extrait reprend au moins la situation à jour des données communiquées au registre de commerce et des sociétés jusqu'à trois jours avant la date d'émission dudit extrait. Si une modification a été notifiée au registre de commerce et des sociétés entre temps, il se peut qu'elle n'ait pas été prise en compte lors de l'émission de l'extrait.

Diplomüberreichung Musikschule Redingen



[Foto: Charles Reiser]

Turnprogramm

Aktiv Mammen aus der Gemeng Useldeng

Turnprogramm fir d'Saison 2011/2012

Eis Couren fänken Méindes, den 19. September 2011
nees un! Rendez-vous an der Sportshaal zu Useldeng

Méindes:	STEP fir Ufänger*	19.00 – 19.30 (Martine)
	STEP	19.30 – 20.30 (Martine)
Méttwochs:	FIT & FUN	09.00 – 10.00 (Claudine)
	GYM. DOUCE	10.00 – 11.00 (Claudine)

Präiss pro Stonn:	3,50 € fir Erwuessener an 3,00 € fir Studenten (Verkáf vum Carneen fir 10 x)
Memberskaart:	7,00 €

* de STEP-Cours fir Ufänger gött op d'Trimester bezuelt.

Fir weider Informatiounen kënnt dir lech mellen um
T. 23 630 220 oder 23 630 680 ■

Waat ass lass, am Schlass?

Neiegkeete vun a ronderëm d'Buerg

Text: Tom Lehnert

Summerconcert op der Buerg

Leider hat de Péitrus et den 10. Juli nit sou gutt gemengt mat eis, an de gemeinsame Summer-Concert vun der Fanfare lewerleng an der Harmonie Useldeng, deen ursprénglech am Buerghaff geplangt war, huet misse wéinst dem plötzliche Ree kuerzerhand verluecht ginn. De Concert, énnert der Direktioun vun deenen 2 Dirigente Jean Metz a Paul Fox, ass dun an der archäologischer Krypta vum Schlass ofgehale ginn, wat dem Ganzen schlussendlech e spezielle Charme ginn huet. De Programm vun de Museksstécker gouf vum Jenny Frank-Schroeder an dem Monique Linster presentéiert. Zugläch war et domat den éischte Concert, deen an der Krypta statt fonnt huet, an déi ca. 120 Leit, déi drun deelgeholl hunn, hunn hir Zefriddenheet domat ausgedréckt, datt si de Musikanten 2 Zugaben ofverlaangt hunn.

No dem offiziellen Deel, d.h. no dem Concert an de Riede vum Präsident a vum Buergermeeschter ass den Owend mat deem engen oder anere gemittleche Patt am Buerghaff ausgeklongen... ■



[Foto: Tom Lehnert]



[Foto: Tom Lehnert]

« Sons et lumières » du 14 août en images



September				
24.09.2011	S	Goodbye summer	Useldeng	Club des Jeunes Ierleng
Oktober				
01.10.2011	S	Tit Schroeder Gedenkfeier	Useldeng	Syndicat d'Initiative
02.10.2011	D	Tit Schroeder Ausstellung	Useldeng	Syndicat d'Initiative
08.10.2011	S	Bal	Ierleng	FC Useldeng
09.10.2011	D	Gemengewahlen	Useldeng	Fanfare Ierleng an Harmonie Useld.
16.10.2011	D	Parfest	Useldeng	Par Useldeng
22.10.2011	S	Treipenowend	Ierleng	Ierlenger Musik
23.10.2011	V	Journée de la Commémoration	Useldeng	Enrôlés de force
November				
01.11.2011	M	Allerhelljendag	Rippweiler	Œuvres paroissiales/Club des Jeunes
02.11.2011	M	Allerséilen	Useldeng	FC Useldeng
05.11.2011	S	„Visions of the past“ - Party	Ierleng	Aktiv Mammen
05.11.2011	S	Regional Versammlung Norden	Useldeng	Gaart an Heem Useldeng
12.11.2011	S	Bal	Useldeng	Club des Jeunes Ierleng
13.11.2011	D	Kiermes	Rippweiler	Senioreforum
14.11.2011	L	Opstellen vum Manifestatiounskalenner	Useldeng	Syndicat d'Initiative
19.11.2011	S	Rockconcert an der Hall	Useldeng	Club des Jeunes Useldeng
19.11.2011	S	Cäcilienfeier	Useldeng	
20.11.2011	D	Cäcilienfeier	Ierleng	Musik a Gesank
26.11.2011	S	Kuddelfleck Owend	Ierleng	Pompjeeën Ierleng
Dezember				
04.12.2011	D	Chrëschtmaart	Useldeng	Harmonie Useldeng
05.12.2011	L	Niklosfeier	Useldeng	Gaart an Heem Useldeng
06.12.2011	M	Niklosdag	Useldeng	
10.12.2011	S	Galaconcert	Ierleng	Ierlenger Musik
11.12.2011	D	Chrëschtessen	Useldeng	Senioreforum
25.12.2011	D	Chrëschttag		
26.12.2011	L	Steeffesdag	Ierleng	Ierlenger Musik
31.12.2011	S	Sylvester Cabaret	Useldeng	Useldeng



Foto: J

Wann Dir Loscht hutt fir beim „Ripevusch“ matzeschaffen oder heiansdo een Artikel oofzeliwweren kënt Dir lech beim **Marc Hansen** mellen (chansen@pt.lu).

Weider Informatiounen a Fotoen iwwert d'Gemeng fannt Dir um Infokanal oder um Internet op www.useldeng.lu

Redaktiounsschluss fir den Ripevusch 3/2011 ass den 14. November 2011!

Ouverture des bureaux de l'administration communale d'Useldange

• **Secrétariat** | *M. Luc Schockmel*

idem que le bureau de la population sauf pour le samedi

• **Service technique** | *M. Marc Ferber*

idem que le bureau de la population sauf pour le samedi

• **Population** | *Mme Maggy Waltzing, M. Pit Lang*

Lundi: 14h00 – 17h30
 Mardi/Mercredi/Jedi: 08h30 – 11h30
 Vendredi: 13h00 – 17h00
 Samedi: 09h00 – 12h00
 (seulement 1^{er} samedi de chaque mois)

• **Recette** | *Mme Annick Halsdorf*

Lundi: 14h00 – 17h30
 Mardi: 08h30 – 11h30
 Mercredi: 08h30 – 11h30
 Jeudi: 08h30 – 11h30

USELDENG



Administration Communale d'Useldange

2, rue de l'Eglise • L-8706 Useldange

T. 23 63 00 51-1 • F. 23 63 82 27

www.useldeng.lu